N°3489
Entrée le 16.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden a vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, Martine Deprez op d'parlamentaresch Fro N° 3489 vum 20. Januar 2026 vun der honorabeler Deputéiert Nancy Arendt zum Sujet "Transport aérien des urnes cinéraires et validation de modèles non métalliques".

1. Wéi eng Urnen (Modeller a Materialkompositiounen) sinn de Moment vun deenen zwee zoustännege Ministeren offiziell validéiert?

Eng Lescht vun offiziell agreéierte Modeller gëtt et aktuell net, mee d'Urne gi virun allem no de Critèrë vun der Dignitéit, der sanitärer Sécherheet an der Noverfollegbarkeet/Identifikatioun vun den Äsche validéiert an ausgewielt.

An der Praxis ginn haaptsächlech Urne benotzt, déi aus metallesche Materialie bestinn, am Aklang mat de bis elo gëltege Reegelen an de Praktiken, déi zënter der Aféierung vum aktuelle gesetzleche Kader, a méi präzis dem Reglement vum 18. Oktober 1972 iwwer d'Schafen an d'Fonctionnement vun engem Krematorium-Uewen.

2. Ass d'Regierung bereet, zousätzlech Urnen-Modeller ze validéieren — besonnesch net-metallesch oder biodegradabel Modeller — fir ze verhënneren, datt Familljen automatesch an e Konflikt mat de Lofttransportreegele geroden, wann se eng Urn mam Fliger an d'Ausland transportéiere wëllen ?

Den Artikel 11 vum uewegenannte groussherzogleche Reglement gesäit fir dat d'Äschen an eng Urne kommen, bei där de Modell an d'Zesummesetzung vun deenen zoustännege Ministeren agreéiert gouf.

Eng Lescht vun offiziell agreéierte Modeller gëtt et awer net. An verschiddene Fäll, gesinn d'Kierfechtreglementer vun de Gemenge Bestëmmungen iwwert d'Gréisst an/oder d'Material vun den Urne vir.

Déi zoustänneg Ministèrë wäerten sech a nächster Zukunft concertéiere fir eng gemeinsam Léisung ze fannen. Et géif dann drëms goen d'Lëscht vun de validéierten Urnemodeller opzesetzen an ze erweideren, ënner der Viraussetzung, datt dës Modeller alle sanitär a sécherheetsrelevante Viraussetzunge voll a ganz entspriechen. D'Viraussetzunge fir d'Konversatioun an d'Identifikatioun mussen dobäi och erfëllt ginn.

Eng technesch a reglementaresch Analys kann zesumme mat den zoustännege Servicer ageleet ginn, fir d'Charakteristike vun net-metalleschen Urnen ze evaluéieren, besonnesch wat d'Dichtheet, d'Bestännegkeet, d'sanitär Onbedenklechkeet an d'Konformitéit mat de gëltegen Norme betrëfft.

Lëtzebuerg, de 16. Februar 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden